

Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2016-208

Newsletter 4 / 2016

Dezember 2016

Journées Nationales

Am Joer 2017 hu mir och nees verschidde „Journée Nationales“ an zwar wéi all Joer de 15. August fir d'rëtte Kéier zu Biekerech d'Journée Nationale de la Marche Populaire, de 9. Juli zu Walfer d'Journée Nationale du Nordic-Walking an den 2. September d'Journée Nationale vun der Geféierter Wanderung.

Fir datt mir kënnen dës Journée Nationale de la marche guidée besser organiséieren a koordinéieren, biede mer all d'Veräiner, déi hei wëlle matmaachen, eis hir Propose an Iddi fir hir geféiert Wanderung matzedeele, dëst wa méiglech bis Enn Januar 2017 am FLMP-Sekretariat.

D' FLMP wäert och fir den Dag erëm e flotte Flyer entwerfen, fir datt mer och am Joer 2017 kënnen de selwechten Erfolleg notéieren.

Geoportail

Am November huet d'FLMP während zwee Owender eng Formation am neie Geoportail ugebueden. Dës Formation ware ganz gutt besicht an dofir huet de Verwaltungsrot elo decidéiert, datt ab dem Joer 2017 d'Strecken nëmme méi dierfen am Geoportail agerecht ginn fir op dem Internetsite ze publizéieren.

D'Strecken ginn an der Rubrik „FLMP-IVV Wanderungen“ publizéiert, wat nëmme iwwert d'FLMP-Sekretariat méiglech ass. Dofir muss och all Veräin de Link vun der gezeechter Kaart un d'Sekretariat mailen. D'Kaart gëtt publizéiert esou bal de Link am Sekretariat ukomm ass an d'Streck mam Stempel vum Fierschter approvéiert gouf. Strecken déi net geneemegt sinn, kënnen net publik gemaach ginn. No der Wanderung gëtt d'Streck vum Site vum Geoportail geläscht.

Folgend Kritäre si festgeluecht ginn: d'Pabeiversioun vun de Strecke soll am Moosstaf 1 : 15.000 gedréckt ginn. Et solle keng duerchgehend Direktionsfeiler opgezeecht ginn, just am Ufank an eventuell den een oder aneren um Parcours.

Folgend Faarwe si virgesinn beim Opzeechne vun de Strecken: orange (fir déi kleng Streck, blo (fir déi mëttel Streck) rout (fir déi grouss Streck) a schwaarz (fir déi ganz grouss Strecken).

D'Kontrolle sollten net op de Kaarten agezeecht sinn.

Veräiner, déi hir Strecken net am Geoportail arechen, kréien eng Verwaltungsgebühr vu 50.- € verrechent. An dësem Fall gëtt d'Kaart vum FLMP-Sekretariat nei opgezeecht.

Bei Froen iwwert de Fonctionnement vum Geoportail steet den Här Pierre Scholtes vu Brouch gären zur Verfügung iwwert Telefon 23 63 90 19 oder 691 12 02 72 respektiv iwwert Email: [schulweb@pt.lu](mailto:scholweb@pt.lu).

Asbl

No dem trageschen Tëschefall zu Bäeldeng, wou zwou Persoun den Doud fonnt hunn, waren eis Wanderungen eng kuerz Zäit an de Fokus komm. Et huet sech duerno Gott sei Dank erausgestallt, datt eise Wanderveräin absolut näischt mat dëser Affär ze doen hat.

Well trotzdem ëmmer erëm de Risiko besteet, datt emol eng Kéier e Veräin kann an eng verzwackte Situatioun kommen, huet de Verwaltungsrot vun der FLMP beschloss, an Zukunft keng Autorisatione méi fir d'Organisation vun enger Wanderung un e Veräin ze ginn, deen net offiziell als asbl am Registre du Commerce ageschriwwen ass. Et sinn dëst nach just 9 Veräiner, dovunner sinn der 2 derbäi, hir Situatioun ze regléieren, an zwee Veräiner sinn derbäi, déi keng Wanderungen organiséieren.

Veräiner, déi eventuell Froen zu dëser Situatioun hunn, respektiv wëllen iwwert déi néideg Démarchen informéiert ginn, kënnen sich un d'FLMP-Sekretariat wenden.

FLMP-Sekretariat

D'FLMP-Sekretariat ass zou vum 17. Dezember 2016 bis den 2. Januar 2017 inclus. Zu dëser Zäit ass d'Sekretariat och net iwwert Telefon erreechbar.

Zeechne vun de Strecken

Den Ëmweltministère huet eis matgedeelt, dass an der Lescht vill Reklamatioune bei hinnen erakomm sinn, well d'Bännercher no der Wanderung net oder spéit ewech geholl gi sinn. Si weisen dofir nach eng Kéier drop hin, dass an eiser globaler Geneemegung steet, dass all d'Schëlter a Bännercher grad esou wéi all Dréck, dee bei der Wanderung zréckgelooss ginn ass, bis spéitstens den Dag no der Wanderung muss ewech geholl ginn.

Mir bieden all d'Veräiner, sech an Zukunft dodrun ze halen fir dass mer net am Joer 2018 verbuede kréien, mat Schëlter a Bännercher dierfen ze zeechnen. Mir hoffen, dass net all eis Veräiner müssen dorënner leiden, well vereenzelt Leit sech net un d'Reglementer halen.

D'FLMP wäert an Zukunft am Fall vu Reklamatioune méi streng duerchgräifen a wa néideg, deene betraffene Veräiner keng Autorisatioun méi fir eng Wanderung ginn.

Eng Kopie vum Schreiwes vum Ëmweltministère ass bei dëser Newsletter mat derbäi.

Start- a Stempelbüro bei de Wanderungen

D'FLMP gëtt ëmmer erëm drop higewisen, dass ganz oft Leit am Stempelbüro sëtzen, déi leider praktesch näischt iwwert d'FLMP an hir verschidde Stempelkaarte wëssen. Dofir biede mer eis Veräiner, nëmme wierklech kompetent Leit an de Stempelbüro ze setzen an si am Virus mat de verschidde Aufgaben a mat dem zur Verfügung gestallte Material vertraut ze maachen.

Mir bieden och, dass am Startbüro d'Kanner solle separat bei all Veräin opgeschriwwe ginn an net global ënnert „Individuels“.

Och hei steet d'FLMP gären zur Verfügung fir zousätzlech Renseignement.

Neie Permanente Wanderwee

Ab dem 18. Februar 2017 bidden d'Lënster Trëppler en neie Permanente Wanderwee un, an zwar zu Buerglënster. D'Streck huet ronn 8 Kilometer an de Start ass an der Epicerie d'Autrefois, 14, place du Village zu Buerglënster.

Déi offiziell Aweigung ass Samschdes, den 18. Februar 2017 um 14.00 Auer zu Buerglënster bei der Startplaz. No dem Wandere iwwert déi nei Streck offrëieren d'Lënster Trëppler Glühwain an eng kleng Stärkung. Eng Umeldung ass net néideg.

Eis FLMP-Poloen

Eis Aktioun vun den FLMP-Poloen leeft nach ëmmer weider. Am FLMP-Sekretariat sinn nach verschidde Gréissten vu Poloen direkt ze kréien zum Präis vun 30.- € fir Wanderer mat enger FLMP-Lizenz. Leit, déi nach wëllen en FLMP-Polo bestellen, eventuell fir d'Participatioun un der IVV-Olympiade 2017 zu Koblenz, solle sech an der Belle Etoile bei eisem Sponsor Freelancers um éischte Stack mellen fir unzeprobéieren an ze bestellen.

Mir bieden déi Intresséiert, net ze waarden bis de leschte Moment, well se soss eventuell ouni FLMP-Polo müssen op Koblenz fueren.

Wanderer des Jahres

Um Enn vum Joer gëtt fir déi éischte Kéier de « Wanderer des Jahres » geéiert. All lizenséierte Member vun der Lëtzebuurger Wandersportfederatioun ka sech do an enger Kategorie aschreiwen a muss seng IVV-Stempelhefter tëscht dem 1. an 31. Januar 2017 an d'FLMP-Sekretariat areechen fir kënnen an d'Klassement opgeholl ze ginn. Jidderee kritt duerno en Diplom an déi 3 Besch vum all Kategorie kréien e kleng Kaddo.

D'Reglement vum „Wanderer des Jahres“ fannt dir op eisem neien Internetsite ënnert der Rubrik „Info IVV – Wanderer des Jahres“.

Mir wäere frou, wann dir är Wanderer géift animéieren, un dësem Challenge matzemaachen.

Kaddoen fir är Memberen

D'FLMP huet verschidde Artikel, déi och eis Veräiner kënnen benotzen fir hire Memberen e Kaddo ze maachen, wéi z.B. bei hirer Generalversammlung. Ab Januar hu mir nei Housse fir d'Stempelkaarten, et ginn d'FLMP-Poloen, eng PW-Cup-Kaart oder e Pak mat sämtleche Startkaarten fir op de PW. Firwat wäit siche goen, wa flott Saachen ze kréie sinn ?

Mir soen iech elo schonns e grouse Merci, dass dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.

Annexes: Bréif vum Ëmweltministère
Wanderer des Jahres